N° 7561
Entrée le 07.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.**

D'CGFP deelt an enger Pressematdeelung vum 7ten Februar mat, dass et, laut hirer Liesaart, zu enger Reduzéierung vun de steierlech ofsetzbaren Zënse komm ass. Esou wier den Artikel 4B vum groussherzogleche Reglement vum Dezember 2016, deen um Artikel 98 vum Akommessteiergesetz vun 1967 hänkt, ersatzlos gestrach ginn. Dëst kéint bedeiten, dass d'Steierzueler hir Scholdzënsen net méi kënne komplett op nach net bewunnten Immobilien ofsetzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wei ass d'Liesaart vun der Steierverwaltung? Wat fir Konsequenzen huet d'Sträiche vum Artikel 4B?

2. Dierfen déi Zënse fir d'Steierjoer 2023 nach ofgesat ginn oder net?
   - Wa jo, bis zu wei engem Plaffong?
   - Wa nee, firwat huet d'Regierung dëst gemaach?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten